**2. Budgetsried 2025**

**Finanzminister Gilles Roth**

**18.12.2024**

# EE MUER FIR JIDDEREEN.

# MAT ENGEM MATENEEN HAUT.

* Seul le texte prononcé fait foi

**<u>Introduktioun</u>**

*Här Präsident, Dir Dammen an dir Hären,*

- **Kurs op muer. Ee Muer fir Jiddereen.** Dat ass eisen **Usproch** un dëse **Budget fir 2025**.

- Dat ass an eisen Aen och **d'Wierklechkeet** vun dësem éischte Budget, deen d'Handschrëft vun dëser Koalitioun dréit.

- Fir d'éischt der Madamm **Rapportrice Corinne Cahen** awer **Merci** fir hire gudde schrëftlechen a mëndleche Rapport.

- Dir behandelt eng vun de **grousse Froe vun eiser Zäit: d'Kënschtlech Intelligenz**.

- De Sujet passt. Wa mir **Kurs op muer** huelen, ass dat och Kurs a Richtung **Kënschtlech Intelligenz**.

- An eisen Aen op ee **KI-Muer fir Jiddereen**. Wou de **Mënsch Meeschter** bleift **iwwert d'Maschinn**.

- Ouni Technik-Gleewegkeet. An **ouni Terminator-Pessimismus.**

- Mir mussen eis just iwwert déi **ethesch Risike** kloer sinn an déi **néideg Leitplanke** setzen. Dat seet jo och d'Madamm Cahen.

- Da bitt d'KI eis vill **Chancë fir d'Liewe méi einfach** ze maachen. An eis **Wirtschaft** méi wettbewerbs- a méi zukunftsfäeg.

- Vill vun dëse **Méiglechkeete** gräift dësen **engagéierte Rapport** op.

- Ech komme gläich nach konkret op d'**KI am Alldag** ze schwätzen.

*Här President,*

- Dëse Budget steet fir eng **nohalteg a sozial Finanzpolitik** fir a mat de Leit.
- Eng Finanzpolitik vun a fir déi **breet Mëtt**.
- Vum **sozialen Zesummenhalt** a **soziale Fridden**.
- Vun engem **nohaltege Wuesstem, dee bei de Leit ukënnt**.
- Mat **méi Netto vum Brutto fir jiddereen**. Dat weist den **Entlaaschtungs-Pak**, deen Dir déi lescht Woch hei gestëmmt hutt.
- Enger **Finanzpolitik, déi liwwert**: **Wuelstand a Wuelbefannen, Zukunft an Zesummenhalt.**
- An engem **Staat als Déngschtleeschter fir d'Leit**.
- Dëst sinn eis **politesch Ziler**.
- Och am Sënn vum **éischte Jores-Bilan** an der Verantwortung.
- **Verantwortung fir Stabilitéit. Fir Land a Leit.**
- Mat eiser bierger- a betribsnoer Finanzpolitik fir **Stabilitéit duerch soziale Fridden** heiheem. (Triple A an Triple S)
- Eng Stabilitéit, déi och **finanzpolitesch Ursaachen** huet.
- **Sozial Finanzpolitik lount sech**. Ethesch an ekonomesch.
- Op d'mannst genau sou vill lount och de **Sozialdialog**.

- Duerfir hu mir dëser Deeg zu Senneng den **Europäesche Semester** mat alle Sozialpartner beschwat.

- Duerfir hunn ech mech nom Protest-Piquet a Saache Frontaliere mat de **Gewerkschafte** gesinn.

- Och an d'Zukunft hale mir konsequent um **Sozialdialog fest**. Just esou funktionéiert de **Modell Lëtzebuerg.**

- **Sozialpolitik ass och Standuertpolitik**. An ëmgedréint.

*Här President,*

- Datt **net jiddereen heibanne** mat dësem Budget averstanen ass, ass Deel vum **Zesummespill** tëschent **Oppositioun a Majoritéit.**

- **Merci der Chamber** fir dës **konstruktiv demokratesch Debatt**.

- E **Merci** och de **Beruffskummere** fir hir Analysen an Ureegungen. Villes kënne mir **deelen**. Munches manner. Dat ass normal.

- Wat mir alleguer deele kënnen, ass datt eis d'**KI alleguer ugeet**.

- Vill vun eis schaffen haut scho mat **ChatGPT & Co**. An der Schoul. Op der Aarbecht. An der Fräizäit. Beim Staat och.

- Dës Regierung schafft duerfir aktiv un enger **neier KI-Strategie**. Déi lescht ass vun 2019. Zanter hir ass vill geschitt.

- Mir wëllen och hei **Kurs a Richtung Innovatioun halen**. Net just fir déi Happy Few. Mä och eng **Innovatioun fir jiddereen**.

- **D'Wierklechkeet** vu **muer** berout op eise **Weiche-Stellunge** vun **haut**. Duerfir musse mir an der **Innovatiouns-Lokomotiv** sëtzen.

- Mir däerfen den **Zuch vun der Innovatioun net verpassen**. Finanzpolitik ass och **Innovatiounspolitik**.

- Eis **Finanzplaz** muss och eng féierend **KI-Plaz** ginn. Si ass dat **haut schonn** deelweis. A muer nach vill méi.

- Z.B. bei der Bekämpfung vu **Geldwäsch**.

- Oder bei Geschäftsbezéiungen op Distanz. Konkret via **Chatbots**.

- Nei **Beruffsbiller** entstinn. Nei Aktivitéiten. Méi Wäertschöpfung. **Nei Chancen**. An déi wëllen – déi musse – mir notzen.

- Eis **Talent-Unzéiungskraaft** muss hei mathalen. Eis **Schoul** och.

- Grad wéi eis **Gesetzer**. Stéchwuert **Blockchain IV**. Mat **Pionéiergeescht** schafe mir hei een neie **Sécherheetskader**.

- Anert Beispill: d'HSBC-Orion-**Plattform fir d'Emissioun vun digitale Verméigenswäerter**. Klengt no Science Fiction, ass awer real.

- Oder den **éischten UCITS-Fong**, deen op d'Blockchain zréckgräift. D'Kontrollkommissioun CSSF huet hei am Oktober gréng Luut ginn.

- Dat alles geet just mat **de richtegen Ureizer**. A mat **finanziellen Direkthëllefe** fir eis Betriber.

- Ufank des Joers huet d'**BGL BNP Paribas** hiren éischte **KI-Projet** mat Ënnerstëtzung vum Staat lancéiert.

- Och steierlech ënnerstëtze mir KI mat enger **neier Bonifikatioun**, déi zanter dësem Joer a Kraaft ass.

- All dat ass néideg fir **global matzehalen**.
- Ech si jo an der Lescht vill gereest. Dacks op **Finanzmissioun**. Mat **konkrete Resultater** fir eist Land a seng Leit.
- Zum Beispill mat **neie Bezuelservicer** fir den **EU-Hub** Lëtzebuerg.
- Fir **den Zukunfts-Zuch hei net ze verpassen**, musse mir eis Ustrengunge verduebelen a verdräifachen.
- Mir däerfen **net drop waarden, dass d'Zukunft bei eis kënnt. Mir mussen hir entgéintgoen**.
- Mat där typesch **Lëtzebuerger Kombinatioun** aus **Pionéiergeescht a gesondem Mënscheverstand**.

**Onsécher Zäiten**

*Här President,*

- A mir brauchen dës **Stäerkt grad elo**. Well mir liewen an **oniwwersichtlechen Zäiten**.
- Eis **Welt** dréint all Dag **méi séier**. Villes wat **gëscht** nach **sécher** geschéngt huet, ass et haut net méi.
- Och déi **global Onsécherheete** ginn éischter méi grouss wéi méi kleng. Déi **global Polykrisen** och.
- Et si virun allem **d'Konflikter**, déi de Leit Suerge maachen.
- Virop de **russeschen Ugrëffskrich** op d'Ukraine. Awer och de **Noen Osten**. Dobäi komme **geostrategesch Spannungen**.
- A wéi eng genee Konsequenzen d'Victoire vum President-elect **Trump** huet, bleift onkloer.
- Kloer bleift fir eis, datt déi **transatlantesch Wäerte-Allianz** d'Réckgrat vun eiser Aussen- a Sécherheetspolitik bleift.

- Kloer ass awer och, datt déi **global Loft méi rau** wäert blosen.
- Och fir eis **heiheem**. An heiheem heescht och **Europa**.
- Europa muss sech **beweegen**. Fir **besser** wéi anerer ze sinn.
- Dat wësse mir spéitstens zanter dem **Draghi**-Rapport. Europa an och Lëtzebuerg musse méi **wettbewerbsfäeg** bleiwen.
- Net mat méi **Protektionismus**. Mä mat enger Notzung vun eise globale **Chancen**. An engem faire **Multilateralismus**.
- D'**Rechnung** riskéiert soss fir jidderee méi deier ze ginn.
- Och duerfir brauche mir eng **handlungsfäeg Europäesch Unioun**.
- A Stabilitéit och an eisen **Nopeschlänner**, déi am Moment net ginn ass. Dat net ouni **Impakt op Lëtzebuerg**.

**<u>Makroekonomescht Emfeld</u>**

*Här President, Dir Dammen an Dir Hären,*

- Déi geopolitesch Grousswiederlag dréckt och op **d'Weltkonjunktur**.
- Weltwäit, sou den **Internationale Wärungsfong**, hält sech de Wuesstum och 2025 bei **3,2%.**
- D'Wirtschaftsprognose fir **Amerika** gouffe no **uewe** revidéiert. Bei de **groussen europäesch Länner** no ënnen.
- Net erstaunlech , dass d'EU-Kommissioun de **Wuesstem** vun der **EU** fir 2025 liicht no ënne corrigéiert huet. Vu +1,6% op +1,5%.
- Och an der **Eurozon** soll de Wuesstem fir 2025 liicht **manner héich** leie wéi nach am Fréijoer ugeholl. Just nach +1,3% amplaz +1,4%.
- Fir **Lëtzebuerg** bleiwen d'Zuele laut EU **stabel**. +2,3% fir 2025.

- Liicht **manner optimistesch** wéi de Statec oder den FMI beim Budgetsdepot. +2,7% 2025.
- **Ufank des Jores** si mer nach vun 3% Wuesstum fir 2025 ausgaangen.
- Dat gesot: leie mir wäit **iwwert dem Niveau vun 2023**. An och **iwwert dem Duerchschnëtt** vun der EU an der Eurozon.
- Iergendeppes musse mer also schonn **net esou schlecht** maachen.
- Laut EU-Kommissioun ass eise **makroekonomesche Zenario** am Aklang mat hiren eegene Projektioune.
- Eis Zentralbank schwätzt vu **liicht optimisteschen** Zuele.
- Ech deelen dëse **virsiichtegen Optimismus**.
- **D'Inflatioun** ass weider réckleefeg. Op **EU**-Niveau an an der Eurozon. Geneesou wéi zu **Lëtzebuerg**.
- Doduerch gi weider **Zënsbaisse warscheinlech**. D'Zentralbanke kucken d'Wirtschaftsdaten opmierksam.
- Den **Emploi** kéint 2025 erëm **zouleeën**. +1,6% laut EU-Kommissioun. Entgéint +1,5% vum Statec am September.
- De **Chômage** soll sech ëm 6,0% apendelen. +5,9% laut FMI. D'Zentralbank schwätzt vun engem konjunkturellen Zyklus.
- A mir brauchen **ee staarken Aarbechtsmaart**. Fir **ee staarkt Lëtzebuerg**.
- Duerfir ass et wichteg, eise **Skills Gap -** also eis Kompetenz-Defiziter - méi kleng ze maachen.
- 42 Milliounen Euro vum Beschäftegungsfong fir **d'Formatioun**.

*Här President, Dir Dammen an Dir Hären,*

- Grad an **onsécheren Zäite** musse mir **Kurs** halen.
- An heiheem eis **Hausaufgabe** maachen. Dat maache mir.
- Grad elo musse mir weider an den **Opschwong** vun eisem Land a senge Leit **investéieren**.
- An heiheem fir **méi Kafkraaft** suergen. Fir Klengverdénger an déi breet Mëtt.
- Fir eise **sozialen Zesummenhalt** a soziale Fridden.
- Grad elo musse mir **méi investéieren**.
- An d'Nohaltegkeet an de **Klimaschutz** an an déi energeetesch an **digital** Transitioun.
- Fir eise **Standuert** ze stäerken. An **d'Zukunftsfäegkeet** vun eisem Land.
- Am Sënn vun enger **nohalteg-sozialer Finanzpolitik** fir d'Leit.

*Här Präsident, Dir Dammen an Dir Hären,*

- Kurs halen, heescht **kloer Ziler mat engem klore Bléck** upeilen.
- Dat ass **keng Navigation à vue**. An et ass och **kee blannen Optimismus**.
- Mir loossen eis net beiieren an halen e **realisteschen a faktebaséierte Kurs op muer.**
- **Mat Mooss a Mëtt. Awer ni mat Mëttelmooss.** Well et geet zwar just **liicht**, mä et geet **biergop**!

- No engem geschaten **Defizit** am **Zentralstaat** fir 2024 vun 1,9 Milliarden Euro am Fréijoer. Elo nach „just“ **1,4 Milliarden Euro**.
- An et ass net auszeschléissen, dass sech **d’Situatioun** am **Zentralstaat** nach **verbessert**.
- Esou sinn d’**Einnamen** den 30. November 2024 op ee Joer gekuckt ëm ronn **2,9 Milliarden Euro** gewuess. **+12,6%.**
- Déi **positiv Entwécklung** hält deemno un.
- Ee Plus vu 612 Milliounen Euro (+31,3%) bei der **Kierperschaftssteier**.
- Ee Plus vu 500 Milliounen Euro (+9,3%) bei der **Lounsteier**. Trotz Inflatiounsberengeung vum Steierbarème.
- Och ee Plus vun 220 Milliounen Euro (+31,4%) bei der **Kapitalsteier** (*impôt retenu sur les revenus de capitaux*).
- Bei den **Ausgaben ee Plus vun 2,1 Milliarden Euro**. Respektiv +9%.
- Deemno weiderhin ee **positive Schéiereffekt**.
- Ee **Solde am Zentralstaat** vu **+147 Milliounen Euro** op den 30. November 2024. **+754 Milliounen** op ee Joer gekuckt.
- **Méiglech** – an ech paken Holz un, **een Defizit fir 2024 vu manner wéi 500 Milliounen Euro beim eigentleche Staat**.
- Jo **eventuell** souguer **ee positive Solde am Gesamtstaat**.
- Nach ass et **ze fréi fir definitiv Schlëss** ze zéien.
- **Méi definitiv Aussoen** heizou am **éischten Hallefjoer 2025**.
- Dobäi krute mer am Fréijoer – an am Oktober nach vun der Oppositioun – gesot, eis Zuele wiere **blannen Optimismus**.

- **D'Recette** wieren **iwwerschat**. **D'Rechnung** kéint **net opgoen**. **Keng Virsiicht** beim Opstelle vum Staatsbudget.
- Mir wieren ze vill **optimistesch** bei der **Akommessteier**, ze vill optimistesch bei der Kierperschaftssteier.
- An **d'Ausgaben** hätte mer **ënnerschat**.
- D'Fro nom **Schrödinger** senger **Kaz** gouf gestallt. Ob déi elo lieweg oder dout wier.
- Abee ech kann Iech soen, déi **Kaz** respektiv de **roude Léif** ass sou **lieweg** wéi scho laang net méi.
- An déi **Verbesserunge** loosse sech och **erklären**.
- De Budget gëtt jo opgestallt op Basis vun **Aschätzunge** vun de verschiddene **Ministèren** iwwert d'Ausgaben. A vun de makroekonomesche Virgabe vum **Statec** an de Schätzunge vun de **Steierverwaltunge** fir d'Einnamen.
- **Firwat** gesäit dat lafend Joer also **däitlech besser** aus ewéi ageschat?
- Mir komme vu wäit hir. Viru gutt engem Joer krute mir nach zu **Senneng** ee ganz **pessimistescht Finanzbild** beim Staat gezeechent.
- Och mir hunn eis **Froe** gestallt.
- Mä et wier **wéineg verantwortlech** vun eis gewiescht, dëst beim Opstelle vum Budget einfach **ausser Uecht** ze loossen.
- Kurs halen, heescht och ëmmer op dat **Bescht hoffen**, gläichzäiteg awer op dat **Schlëmmst virbereet** sinn.

- **Geplangten Ausgaben** si **net** all **realiséiert** ginn. Besonnesch gréisser Investissementer.

- Z.B. si gréisser Liwwerunge vu **Material** bei der **Arméi** oder bei der **Eisebunn** méi spéit komm ewéi geplangt.

- Oder bei de **Recrutementer**, wou de Staat net onbedéngt all nei Plaz esou besat kritt, wéi en sech dat virhëlt.

*Här President,*

- Ech kommen elo op eis **Einnamen**, déi ganz gutt lafen.
- **Eis Lounsteier** gëtt onerwaart **gutt**. Trotz moderater Croissance beim Emploi.
- Dat weist, datt mir een **aneren Emploi** schafen, wou de Verdéngscht vläicht méi héich ass ewéi geschat.
- Besonnesch bei der **Kierperschaftssteier** goufen 2023 an 2024 zolidd Solden aus de vergaangene Steierjoren agezunn.
- Verschidde grouss Entreprisen hunn **aussergewéinlech Gewënner** gemaach, déi elo besteiert goufen.
- Och fir dat **nächst Joer** gouf eng **realistesch Aschätzung** gemaach.
- Op **Recettesäit** een Entlaaschtungs-Pak, dee ronn 500 Milliounen Euro manner Einnamen rabréngt.
- Eng virsiichteg Aschätzung laut **nationalem Finanzrot**.
- **Plausibel Zuele bei der Persounebesteierung** wéi d’Zentralbank mengt.
- Een **Onsécherheetsfacteur** bleift den Impakt vun der **Mindestbesteierung vu 15% op de Gewënner** vun de Betriber.

**<u>Eckdate vum Budget 2025</u>**

- Fir d'éischt awer nach emol e Wuert zu den **Eckdate** vum Budget.
- Fir 2025 een **Defizit** am Zentralstaat vu -1,29 Milliarden Euro. 500 Millioune besser wéi am Pluriannuel 2024.
- D'Defiziter am Zentralstaat leien iwwer déi ganz Period **ënnert** dem Niveau vum **Pluriannuel** 2024.
- Den **Iwwerschoss** am **Gemengesecteur** leet bis 2028 zou. A läit da bei iwwer 230 Milliounen Euro.
- Dogéint ass den **Iwwerschoss** an der **Sécurité sociale** weider réckleefeg.
- Trotz enger liichter **Verbesserung** dëst Joer duerch de Fonds de compensation.
- Fir déi Zäit ee manner dynameschen **Emploi** wéi ugeholl. A méi Ofgäng an **d'Pensioun**.
- D'Verbesserung am **Zentralstaat** kritt dëst net opgefaang.

**Recetten**

- Op **Recettesäit** dann. A Prozenter ee **Plus vu 5,2%** am Zentralstaat**.**
- Ee **Plus vun 1,5 Milliarden Euro** am Verglach zu 2024.
- Dat trotz **Entlaaschtungspak**. Wou de **Steierausfall** op iwwer 530 Milliounen Euro geschat gëtt.
- Wou also kënnt dee Plus hir ?
- Duerch ënnert anerem méi Einnamen an der **TVA** an den **Akzisen**.
- An och duerch méi Einname bei der **Taxe d'abonnement**.
- Eis Politik vum **Opschwong** mécht sech duerchaus bemierkbar.

- Dat **bestätegen** eis och onofhängeg **Rating-Agence**.
- Fitch Ratings an DBRS soen, dass **d'Wuesstemszuelen** fir 2024 och op **méi private Konsum** zréckzeféiere sinn.
- **„Méi Netto vum Brutto"** bréngt deemno net just **méi Kafkraaft**, mä och **méi Wuesstem**.
- Och déi rezent Resultater am **Finanzsecteur** si **positiv**.
- Laut CSSF louch **d'Resultat** vun eise **Banke** viru Steieren a Provisiounen no den éischten 3 Trimestere bei 7,5 Milliarden Euro.
- E Plus vu bal **15%.**
- Mat **5.665 Milliarden Euro Avoiren** erreecht och eis **Fongeplaz** den historesch zweethéchsten Niveau.
- A mir wëllen och hei weider wuessen. Grad bei **alternativen Investmentfongen.**
- Mir wëllen och de **Wuesstemspotential** vun de cotéierte Fongen, de sougenannten aktiv geréierten ETF zu eise Gonschten notzen.
- Duerfir d'Befreiung vun der **Taxe d'abonnement** fir eben dës ETFen.

**Dépensen**

- Dann eis **Ausgaben** am Zentralstaat: ee **moderate Wuesstum** vu 4,5% (oder +1,3 Milliarden) fir 2025.
- Ënnert der historescher Moyenne vu +6,7%. A wäit **ënnert** dem Niveau vun **2023** (+11,3%).
- Manner Ausgaben duerch **manner staark Progressioun** bei de **Fonctionnementskäschten**. Trotz **héijem Invest** vu 4,6% vum PIB.
- Iwwer déi ganz Period am **Duerchschnëtt** ee Plus vu **4,5%.** Däitlech méi wéi an der Period 2014-2022.

- An dës Investitioune spigelen och **d'Prioritéite** vun däser **Regierung** zréck. Ech kommen duerno nach eemol drop zréck.

*Här President,*

- Eng ambitionéiert Budgetspolitik ass och eng **responsabel Budgetspolitik.**
- Mat enger **klorer Trajectoire bis 2028**. 26,7% Schold laut Pluriannuel an net 32,4% wéi nach zu Senneng fir 2027 geschat.
- Eng **Trajectoire**, déi **no ënne** weist. Eng **kloer Strategie** fir d'Entwécklung vun de Staatsfinanzen.
- Schonn dëst Joer wäerte mir de **positive Schéiereffekt** erreechen.
- Dat soll esou weider goen. Mat enger **Trendwend** bei den Defiziter.
- Ech hat et am **Oktober** gesot. Am Joer 2025 net 3,1 Milliarden Defizit, wéi virausgesot. Mä just nach 1,29 Milliarden Euro. Vläit souguer manner.
- Dat **trotz Steiererliichterungen**. Dat **trotz** héijem **Invest**. **Trotz** weider **héije Sozialausgaben**.
- An de **Joren 2024 bis 2027** an der Moyenne ronn 2 Milliarde manner Schold pro Joer ewéi nach virun engem Joer virgesinn.
- An dat ouni de **sozialen Zesummenhalt** an d'Schéier tëschent Aarm a Räich aus den Aen ze verléieren.
- Och un **dësem Schéiereffekt** schaffe mer.
- Dës **nohalteg a sozial Finanzpolitik ass Strategie**. Och am Sënn vun den nächste Generatiounen.
- **Manner Defizit** bedeit **manner Schold**. Och manner Scholdzënsen.

- Och **Bréissel** weist sech zefridde mat der mëttelfristeger Finanzplanung vun eise Staatsfinanze.
- D'EU-Kommissioun schwätzt vun enger **kredibeler Budgetstrajectoire.**
- Dat suergt och fir Vertrauen op de Finanzmäert. An ass och wichteg fir den Erhalt vun eisem **Triple A**, ouni deen et keen **Triple S** gëtt.
- Wichteg och fir relativ **gënschteg ze refinanzéiere**. An dat an engem méi héijen Zënsëmfeld. Dat seet och de Rechnungshaff.
- A mir wëllen eis och fir d'Zukunft **een nationalen OMT** ginn. Also ee Kader, deen och déi méi laangfristeg Ausgabe betruecht.
- Ouni eis de **Spillraum** fir Zukunftsinvestitiounen ze huelen.
- Den nationale Finanzrot, den **CNFP**, schléit hei eng nuancéiert Approche vir, déi eise Spezifizitéiten Rechnung dréit.
- Genee dat ass dee **richtegen Usaz** fir eist Land. Gekoppelt un eng méi **zilorientéiert Budgetspolitik** mat enger Gestion par objectifs.

*Här President,*

- Duerfir passe mir och eis **Budgetsgesetzer** un.
- An dem Kader **begréissen** ech och déi rezent **LSAP-Initiativ** fir de **PIB Bien-être** mat an d'Budgets-Texter opzehuelen.
- Mir musse **Mënsch a Budget ganzheetlech** kucken.
- **Wuelstand a Wuelbefanne** gi just zesummen. Dat huet jo och den Här **Cruchten** gesot. An d'Madamm **Hansen** och.
- An ech wëll **d'Chamber** nach am 1. Semester 2025 hei mat **abannen**.

- Ech géif mir wënschen, datt mir hei ee **Kompromëss** fannen.
- E **Budgetsgesetz vun der neier Generatioun** sollt **iwwer d'Majoritéit vun haut eraus** guttgeheescht ginn.
- An ech hoffen hei op eng **gutt a konstruktiv Zesummenaarbecht**.

*Här President, Dir Dammen an dir Hären,*

- Budgetspolitik ass **konkret Politik**. Keng Floskelen a Sloganen.
- Dovunner kënnen d'Leit sech näischt kafen.
- Duerfir och **konkret Entlaaschtunge** fir d'Leit.
- Ee **steierfräie Mindestloun vum 1. Januar 2025** un. Och an der Steierklass 1. Eng Première.
- **Ronn 77 Euro de Mount méi Netto an der Täsch**. Och duerch d'Hausse vum Mindestloun ëm 2,6% op den 1. Januar 2025.
- **Elengerzéier** bis zu engem Brutto-Akommes vun 52.400 Euro bezuelen 2025 keng Steiere méi. Eng konkret Entlaaschtung vun 3.502 Euro méi an der Täsch am Verglach zu 2023 fir ee Brutto-Loun vu 50.000 Euro.
- 2.793 Euro (-14,6%) manner Steiere fir eng **Famill mat 2 Kanner** an der Steierklass 2 an engem Brutto-Loun vun 125.000 Euro.
- 1.314 Euro (-8,9%) manner Steiere fir ee **Single** mat engem Brutto-Akommes vu 75.000 Euro.
- 2.883 Euro (-40,7%) manner Steiere bei enger **Bruttopensioun** vu 50.000 Euro an der Steierklass 1a.
- Duerch d'Baremes-Upassung och konkret Steiererliichterunge fir **REVIS-Empfänger** an Leit mat engem schwéieren Handicap.

- Eng Hausse vun 10% vun der **Déierungszoulag**.
- All Mount ronn 200 Euro weider fir ee **Stot vun 2 Persoune** bis zu engem Brutto-Akommes vu 4.605 Euro.
- All Mount ronn 300 Euro weider fir ee **Stot vu 4 Persoune** bis zu engem Brutto-Akommes vu 5.692 Euro.
- All Mount 165 Euro weider fir ee **Stot vun enger 1 Persoun** bis zu engem Brutto-Akommes vun 2.710 Euro.
- 90 Euro weider fir REVIS-Empfänger oder Leit mat engem Akommes mat **schwéierem Handicap**. Duerch **d'Perennisatioun** vum **Equivalent Crédit d'impôt.**
- Erweiderung vun der **Energieprimm** bis zu engem Revenu vu 25% iwwert der Akommesgrenz fir d'Deierungszoulag.
- Doduerch 600 Euro (aplaz 200 Euro) fir een **1-Persoune-Stot** bis zu engem Brutto-Akommes vun 3.388 Euro.
- 750 Euro (aplaz 250 Euro) fir ee **Stot vun 2 Persoune** bis zu engem Brutto-Akommes vu 5.082 Euro.
- 1.050 Euro (aplaz 350 Euro) fir ee **Stot vu 4 Persoune** mat engem maximale Brutto-Akommes vu 7.115 Euro.
- Also eng **Verdräifachung** fir all déi, déi dës Primm elo scho kréien.
- Donieft eng **Erweiderung** vun der **Primm** op ee Revenu vu bis zu 30% iwwert der Akommesgrenz fir d'Deierungszoulag.
- Dat Ganzt mat engem **degressive** Montant.
- Deemno 300 Euro fir een **1-Persoune-Stot** mat engem maximale Brutto-Akommes vun 3.523 Euro.

- 375 Euro fir ee **Stot vun 2 Persoune** mat engem maximale Brutto-Akommes vu 5.285 Euro.
- 525 Euro fir ee **Stot vu 4 Persoune** mat engem maximale Brutto-Akommes vu 7.399 Euro.
- Doriwwer eraus eng **automatesch Deierungszoulag an Energieprimm** fir Leit mat enger d'Allocation d'inclusion.
- Kuerz gesot: **Konkret Politik fir déi méi Schwaach.**
- 33% méi **Ofsetzbarkeet** vun de **Scholdzënse** fir Eegenheemkeefer.
- 16.000 Euro aplaz 12.000 Euro fir eng **Famill vu 4 Leit.**
- Ee steierleche **Gewënn** vu bis zu 1.830 Euro pro Joer.
- Halbéierung vun den **Enregistrementsfraise** bis den 30. Juni 2025.
- Also **keng Enregistrements-Käschte** fir den Eegenheemkeefer an der Koppel bis zu engem Kafpräis vu gutt 2,2 Milliounen Euro.
- D'Leit brauchen sech also **manner ze verschëlden**.
- Keng Enregistrementskäschte fir den **Investisseur** bis zu engem Kafpräis vu ronn **570.000 Euro**.
- Et gëtt also erëm **méi gebaut**.
- Eng Verduebelung vun der **Loyers-Subventioun** fir d'Kanner vu 40 op 80 Euro.
- Bis zu 1.000 Euro **Wunnprimm fir déi Jonk** ënnert 30 Joer. Dovunner 25% steierfräi.
- Mir vergiessen also och eis **Locatairen an déi Jonk** net.
- An dës Lëscht léisst sech belibeg erweideren.

- Dat ass d'Politik vun dëser Regierung. **Konkret Entlaaschtung fir d'Leit.**
- Dat heescht fir eis **de konkrete Kurs op ee Muer fir Jiddereen.**

*Här Präsident,*

- Dëse Budget liwwert **konkret Äntwerte fir muer**.
- Fir **méi Wunnengsbau**. Virop abordabelen.
- Fir ee **staarke Sozialstaat**. A manner Aarmut.
- Fir **méi Mobilitéit, besser Infrastrukturen, méi Klima- an Ëmweltschutz.** Zesumme mam nationalen Energie a Klimaplang.
- Fir **méi Kompetitivitéit an ee méi performante Staat**. Mam Fokus um Digitalen.
- Fir **méi Sécherheet** fir de Bierger. Heiheem, mä och an der Welt.

**Wunnengsbau**

*Här President, Dir Dammen an Dir Hären,*

- De **Wunnengsbau** bleift eng vun eisen **Haaptprioritéite** fir muer.
- Lues awer sécher wierkt eise **Logements-Pak fir méi Schwong** um Bau. Och hei gesi mir **Opschwong um Horizont.**
- Och de **Konstruktiouns**-Secteur selwer weist sech am 3. Trimester erëm **méi zouversiichtlech**.
- Genee duerfir hu mir déi **temporär Moossname** verlängert.
- Fir grad elo weidere **Schwong** fir d'Reprise ze liwweren.

- Eng **Reprise**, déi schonn ze erkennen ass. Zum Beispill bei de **Banken**.
- Och am **Neibau** (VEFA) wäerte mir dësen Opschwong gesinn. Och duerfir war et wichteg, nach eemol **nozeleeën**.
- Virop fir **d'Aarbechtsplazen** am Bau ze stäipen. A **Faillite** wäitméiglechst ze evitéieren.
- A wann duerch dës nei **Bau-Moossnamen** erëm de Bau unzitt, zéien och d'Beschäftegung an d'Einnamen no.
- Et bleift richteg, datt wann et dem **Bau** gutt geet, och dem **Land** gutt geet.
- Den **Zougang** zu enger **Wunneng** ass net nëmmen eng Fro vum eegene **Portmonni**.
- Et ass och d'Fro vun der Attraktivitéit vum **Standuert** Lëtzebuerg.
- Laut Zuele vun der **Handelskummer** missten all Joer tëscht 6.000 a 7.500 Wunnenge fäerdeg gestallt ginn.
- Gutt **3.000** konnten der déi lescht 20 Joer am Duerchschnëtt **gebaut** ginn. Also knapps d'Hallschent.
- Ee chroneschen Defizit. Hei wëlle mir **géigesteieren**.
- Nach ni huet eng Regierung méi an den abordabele Wunnengsbau **investéiert**, wéi dës Regierung.
- 461 Milliounen Euro am Budget 2025. Eng **Hausse** vun +130 Milliounen Euro am Verglach zu 2024.

- Ronn 24% fir Projete vum **Fonds du logement**.

- Gutt 11% vun där Enveloppe fléisse jeeweils un **d'SNBHM** an an de **Gemengesecteur**. An nach eemol gutt 10% fir **aner Acteuren**.

- Och de **VEFA-Opkafprogramm** geet säi Wee.

- Op de **16. Dezember** goufen an deem Kader **228 Wunnenge** fir ee Gesamtchiffer vun 138 Milliounen Euro kaf.

- Fir weider **168 Wunnengen** ass de Reservatiounsvertrag an der Maach. Fir ee Gesamtmontant vun 114 Milliounen Euro.

- Mam **Logementspak** vu Januar 2024 huet dës Regierung, wéi gesot, éischt Jalone gesat.

- Souwuel fir dem **Eegenheemkeefer**, wéi och dem **Locataire** ënnert d'Ärem ze gräifen.

- Op den 30. November hunn 9.777 Persounen de **„Bëllegen Akt"** ugefrot. Fir ee Gesamtmontant vun 33,3 Milliounen Euro.

- De Steierkredit fir **Locatiounswunnengen** – Stand 30. November, dogéint „just" 192 Persounen.

- An awer eng **quasi-Verdueblung** am Verglach zu Enn September 2024. Deemools „just" 109 Leit. Steierausfall: 3,1 Milliounen Euro.

- Hei hu mir scho **nogebessert**.

- Well am 4. Trimester vun dësem Joer huet de **Verkaf vu Wunnengen ugezunn**. Duebel esouvill ewéi am 3. Trimester.

- **D'Moossname wierken**. Mä et geet nach net duer. Duerfir gëtt verlängert.

- Fir dem **doucë Schwong weider Opdriff** ze ginn. Och hei heescht et **Kurs a Richtung Opschwong** halen.

- De gesamten zäitbegrenzte **steierleche Logementspak** gëtt duerfir, wéi gesot, ëm 6 Méint **verlängert**.

- Déi entspriechend **Texter** stinn **de Moien op der Dagesuerdnung vum Regierungsrot**.

- Dat betrëfft déi eenzel **Steierkreditter**, genee sou wéi de **Quart du taux global** op der Plus-value-Besteierung.

- An och **d'Aussetze vun der Plus-value-Besteierung** bei engem Invest an eng sozial respektiv ökologesch héichwäerteg Wunneng.

- Nieft der Halbéierung vun den **Enregistrementskäschten**.

- D'Zil ass kloer. Terraine mobiliséieren. De **Bau-Motor erëm ukierpen**. An d'Leit an Aarbecht halen.

- Am Moment **houscht de Bau-Motor** nach e bëssen. Duerfir ass elo de Moment, fir **geziilt Gas ze ginn.**

- Fir **genuch Kraaft** ze hunn, fir eis ganz Ekonomie **matzezéien**.

**Staarke Sozialstaat**

*Här President, Dir Dammen an Dir Hären,*

- Ech hu schonn vum **Triple A a vum Triple S** geschwat.
- **Ouni staark Wirtschaft kee staarke Sozialstaat.** An ëmgedréint. An ouni béides kee staarkt Lëtzebuerg.
- Duerfir hale mir och an Zukunft **Kurs op ee staarke Sozialstaat**.
- Nobäi **all zweeten Euro si sozial Transferten**. Konkret sinn dat 47% vum Budget. Oder 14,3 Milliarden Euro.
- Mir wëllen dës **sozial Ausgaben héich** halen. Fir e staarke Kader fir sozial méi schwaach Leit.
- Mat enger **verbesserter Deierungszoulag**. Enger erweiderter **Energieprimm**. Och mat sozialer **Staffelung**. +28 Milliounen Euro.
- Awer och **administrativ**. Duerch méi finanziell Ënnerstëtzung vun den **Offices sociaux** duerch de Staat. Mat 25 Milliounen Euro 2025.
- Mat **weideren Entlaaschtunge** fir kleng a mëttel Akommes.
- Ech erënneren un den **Entlaaschtungs-Pak** an Héicht vu 535 Milliounen Euro.
- All dës Moossname si wichteg fir eise sozialen **Zesummenhalt**. An de Kampf géint **d’Aarmut**.

- Dat gëllt och fir de **Chèque service accueil**, deen den Aarmutsrisiko bei de Kanner, laut STATEC, ëm 4%-Punkten no ënnen dréckt.

- **Käschtepunkt**: 804 Milliounen Euro 2025.

- Mir wëlle weider an **d'Zukunft vun eise Kanner** investéieren.

- Iwwer **d'Zukunftskeess**. Mat ronn 1 Milliard Euro fir d'Kannergeld, 33 Millioune fir d'Allocation de rentrée scolaire.

- Och an der **Schoul** mat Investitiounen an Héicht vu ronn 130 Milliounen Euro 2025. 276 Milliounen am Joer 2028.

- An engem **Gesamt-Educatiouns-Budget** vu 4,4 Milliarden Euro.

- Iwwer de **Museksunterrecht**. Mat 64 Milliounen Euro vum Staat.

*Här President,*

- Zu dësem **Zesummenhalt** gehéieren och **Sport a Kultur.**

- De **Sport** kritt dee **Stellewäert**, deen e verdéngt.

- Mat enger **Erhéijung** bei de **lafende Käschte** vun 41,1 Milliounen op 66,5 Milliounen Euro. Eng Croissance vun 62% zanter 2023.

- Domadder stäerke mir **d'Sport-Strukture** substanziell. Am Interessi vu Veräiner a Verbänn. A vun eiser **Gesondheet**.

- Dobäi kënnt eng **Subside-Reform** vun iwwer 14 Milliounen Euro.

- Mat enger **Dotatioun vun 135 Milliounen Euro** am 5-Joresplang bleift den Invest an d'Sportinfrastrukturen héich.

- D'**Kultur** kritt hirersäits och **Opdriff** mat dësem Budget.

- Virun allem gëtt eise **kulturelle Patrimoine** opgewäert.

- D'Ausgabe vum **Fong fir eisen architektonesche Patrimoine** klammen op ronn 37 Milliounen Euro.

**Fir méi Klima an Ëmweltschutz, méi Mobilitéit a besser Infrastrukturen**

*Här President,*

- Kurs op muer halen, heescht och de **Klima- an Ëmweltschutz positiv begleeden**.

- **Klima- a Finanzpolitik** mussen **zesumme geduecht** ginn. Béides ass och Standuert-Politik.

- Dat erreeche mir mam neie Klima- an Energieplang, dem **PNEC**.

- 1,3 Milliarden Euro sinn am Zäitraum **2025-2028** dofir virgesinn.

- Eleng fir de **Klimabonus Mobilitéit** sinn et ronn 200 Milliounen Euro iwwer déi nächst 4 Joer.

- Mir mussen och weider Efforte maachen am Beräich vun den **erneierbaren Energien. Bei Sonn a Wand.**

- Bis 2028 ginn 179 Milliounen Euro an **erneierbar Energien**. 642 Milliounen 2025 an den **Ëmwelt/Klima/Energie- a Waasserfongen**.

- Mir investéieren och zolidd an d’**Mobilitéit**: 687 Milliounen Euro 2025 an de **Fonds du rail**. Bis 2028 iwwer 3 Milliarden Euro.

- Investitiounen an de **Stroossebau** vu ronn 490 Milliounen Euro 2025. Bis 2028 Investitiounen iwwer 2,5 Milliarden Euro.

- Investitiounen an den Ausbau vum **Tram**. Bis 2028, 420 Milliounen Euro.

- Lëtzebuerg wiisst. Eis **Infrastrukture** musse mat wuessen.

- Ausgaben iwwer de Fonds d’investissement public administratif.

- Fir **Verwaltungsgebaier** (32 Milliounen Euro), **militäresch Ariichtungen** (32 Milliounen Euro), **d‘Police** (15,5 Milliounen Euro), **d‘Justiz** (9,5 Milliounen Euro).

- Bei de sozialen a sanitären Ariichtunge sinn et virop **Foyere** fir **Kanner** a **Spideeler**.

- Grad wéi och d‘Thermalbad zu **Munneref** an d’Pfleegeheem zu **Käerjeng**. An d‘Gebailechkeete fir den Accueil vu **Flüchtlingen**.

- Fir **Schoulgebaier** si ronn 106 Milliounen Euro Ausgabe virgesinn.

**Fir méi Kompetitivitéit an ee méi performante Staat**

*Här President,*

- Am **Entlaaschtungs-Pak** si steierlech Ureizer fir méi **Kompetitivitéit**.

- Duerch eng manner héich **Kierperschaftssteier**. -1% Prozentpunkt. Domat leie mir nach ëmmer liicht iwwer der OECD Moyenne.

- Déi aktiv geréiert **ETFen bezuele** keng Taxe d'abonnement méi.

- Méi **Hëllefe** fir Betriber kommen och vum Wirtschaftsministère.

- Och **Waasserstoff-Projete** gi finanziell ënnerstëtzt. Mir investéieren do 110 Milliounen Euro iwwer 10 Joer.

- An de Staat muss sech d'Mëttele gi fir de **Ball** vun den ekonomeschen Acteuren och **opzefänken**.

- Duerfir brauche mir ee **staarken ëffentlechen Déngscht.** A mir sichen als Staat 1.500 nei Talenter.

- Laut eise leschte Chiffere stinn nach ronn 1.000 Plazen op.

- Duerfir gëllt et verstäerkt op **Digitalisatioun** ze setzen.

- Den **Technologie- an Informatiounszentrum** kritt duerfir méi Suen.

- An anere Wierder: mir schaffen un engem **moderne, performanten an digitale Staat.**

**Fir méi Sécherheet**

*Här President,*

- 3.100 Leit bei der **Police**. 7.200 Leit bei de **Rettungsdéngschter**. Dorënner vill Fräiwëlleger. 460 Leit bei der **Douane**.
- Si suergen am **Alldag** fir eis **Sécherheet**. Dës **Sécherheet** wëlle mir och an Zukunft stäerken.
- De **Finanzéierungsmodus** fir de **CGDIS** gëtt hei iwwerschafft.

- **D'Police** kann all Joer ëm 200 **Stagiaire** recrutéieren.
- Dëst bleift net ouni Impakt. Z.B. fir **Formatioun**, neit **Equipement**, nei **Kleeder**, **Munitioun**. Ee Plus vun 2 Milliounen Euro 2026.
- Och wäert een neie **Logistik-Zenter zu Conter** entstoen. Käschtepunkt 70 Milliounen Euro.
- Och de **Reclassement** vu ronn 400 Poliziste stäerkt de Corps.
- Ee **Käschtepunkt** vun 42,5 Milliounen Euro fir d'Joren 2018 bis 2023.
- A mir kucken och eis **Douanesverwaltung** weider no vir ze bréngen.

*Här President,*

- Fir méi **Rechtssécherheet** suergt virun allem eis **Justiz**. Hir Kreditter klammen ëm ronn 10 Milliounen Euro.

- Eis **Verdeedegungs**-Ausgabe ginn d'nächst Joer nach eemol an d'Luut. **Fridde gëtt et net zum Nulltarif.**

- Eng éischt **Upassung** vun der Trajectoire gouf mam Budget 2024 actéiert. Éischt Hausse vun 0,77% PIB op 0,83% PIB am Joer 2024.

- Ronn 697 Milliounen Euro. Dovunner 69,5 Milliounen Euro als Hëllef fir **d'Ukraine**.

- Mam Budget 2025 gëtt den **Effort** de **défense** nach eemol ugepasst : 792 Milliounen Euro. +94 Milliounen Euro méi wéi 2024.

- Doriwwer eraus nach eemol 80 Milliounen Euro fir **d'Ukraine**. **Gutt investéiert** Suen an de Fridden an Europa.

**<u>Konklusioun</u>**

*Här President,  Dir Dammen an Dir Hären,*

- Virgëscht virun 80 Joer, de 16. Dezember 1944, ass **d'Ardennen-Offensiv** ugaang.

- Eng vun den **däischterste Stonne** vum Zweete Weltkrich.

- Awer mir Lëtzebuerger hunn de **Mutt an d'Hoffnung net opginn**.

- Eis **Elteren a Grousseltere** souzen zwar an de **Kelleren**. Awer hir **Moral** war et **net**. Ganz am Géigendeel.

- De **Charakter** vun engem **Mënsch** an och vun enger **Natioun** weist sech grad a Krisenzäiten.

- Bei aller Gravitéit sinn eis **Erausfuerderunge** vun **haut** net mat deene vun deemools ze vergläichen.

- E Grond méi, fir eis un eisen **Elteren** a **Grousselteren** e **Beispill** ze huelen.

- Grad ewéi si packen och mir **d'Erausfuerderunge** vu muer.

- Wa mir eis op eis eege **Stäerkte besënnen**.

- Wa mir aus den **Erausfuerderungen** nei **Chancë** maachen.

- Wa mir zesummen op **d'Zukunft vertrauen**. An zesummen dës **Zukunft siche** ginn.

- Net blann oder naiv. Mee mat **Entschlossenheet** a **Motivatioun**.

- Mat der fester Iwwerzeegung, datt dat **Bescht** fir eist Land a seng Leit net hannert, mee **virun eis** Leit.

- Dat heescht **Kurs op muer** halen. Mat neiem **Mutt** a faktebaséierter **Zouversiicht**.

- Dëse **Muer** ass nach net geschriwwen. Mir schreiwen en **haut** an **hei**. Andeems mir eis mat dësem Budget déi **néideg Moyene** ginn.

- Zesummen. Mat **Vertrauen op muer**. A **Verantwortung fir Jiddereen**.

- Ee **Muer fir Jidderee** geet just mat engem **Mateneen haut**.

- Ech invitéieren Iech, fir dësem **Budget** Är **Zoustëmmung** ze ginn.

- *Ech soen Iech **Merci** fir d'Nolauschteren.*